

## 4. Reunioun – Rapport

30. Abrëll 2024 – Centre Polyvalent Gaston Stein  
Commission des sports et loisirs et de la jeunesse

### 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|-----|--------|-----------|----------|----------|
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |
|     |        |           |          |          |

### 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch ■■■ un d'Members vun der Kommissioun an un de Schäfte Gilles Baum

### 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- Déi lescht Rapporten vun der Kommissioun sinn approbéiert ginn. Dës wäerten an d'Zukunft direkt un déi nei Emailsadressen gemengerot@junglinster.lu an och u communication@junglinster.lu fir d'Veréffentlechung geschéckt ginn.

#### 4) Nuit du Sport 2024

- ■ huet déi dräi Clibb déi wäerten am Spigelsall op der NdS si kontaktéiert. Dëst sinn de Capoeira, den Taekwondo an de Lënster Fitness. Dëst bedéngt, wëll dës Veräiner eng Aktivitéit vun zwou Stonnen ubidden. De Responsabel vum Capoeira wier eleng op der NdS, wier awer bereet duerno beim Spullwon respektiv beim Sprangschlass ze hëllefen. De Fitness huet och zougesot fir hei ze hëllefen. Den Taekwondo huet nieft senger sportlecher Aktivitéit och en lesstand, si maachen hei Paangecher. Doduerch ass et net méiglech, dass si nach eng zousätzlech Schicht iwwehuelen.
- Dem Taekwondo seng Paangechersmaschine ass de Moment futti. Hei muss beim Volleyball a beim Fussball nogefrot ginn, ob dës Veräiner esou Maschinn hunn a bereet wieren dës zu Verfügung ze stellen. D'Gemeng selwer huet keng esou eng Maschinn.
- Et ass festgehale ginn, just eng Zort Consommationsbongen ze gestalten, dëst fir 50 €. Dëst bedéngt duerch vill Famille déi komme wäerten an dem Pfand. Wann eng Persoun just 20 € well, kann een och einfach an der Kees direkt 30 € duerchsträichen. Esou hu mir och just ee Modell wat méi bëlleg fir d'Gemeng gëtt.
- Eis Visiteure wäerte per Cash a per Payconiq bezuelen. ■ wäert d'Fonds de Caisse vum Bréisseler Bal dem Service Recettes vun der Gemeng weider ginn. Aus dëser Erfahrung brauche mir vill Cash, bedéngt doduerch dass d'Leit mat Kaart bezuelen an duerno hire Pfand respektiv hier Reschtsuen Cash wäerten zeréck kréien. Esou ass decidéiert ginn, 500 x 1€ Mënz an 500 x 2€ Mënz minimum disponibel ze hunn.
- Mir hunn eis fir en zweete Killwon ausgeschwat. Dëst fir eng méi einfach Accessibilitéit an aus der Erfahrung, dass dee vum leschte Joer en panne war.
- Et ass festgehale ginn, dass um 14 Auer Rendez-Vous fir alleguerten d'Veräiner an och fir d'Membere vun der Kommissioun wäert sinn.
- Et ass d'Iddi komm fir de Frëndschaftsmatch tëscht der Belsch a Lëtzebuerg ze weisen ■ hält hei Kontakt mam ■ wéi dëst am beschten am Helle gemaach gëtt.
- Et ass och d'Iddi komm eng SocialMedia Campagne ze maache. ■ klärt dat mam ■ an ■ of. Hei wäerte mir déi verschidde Veräiner kontaktéieren, fir dass si eis ee kléngen Text verfaassen an deem si sech wäerte virstellen. Zudeem wäerte mir dann och Posts wéi lesstänn, de Planning an de Site virstellen.
- D'Gemeng huet Bidone bestallt fir déi Jonk. Hei wäerte mir drop hiweisen dës eemol auszespulle virun der éischer Benotzung.
- Eng Stempelkaart wäert gemaach ginn. ■ huet schonn d'Stempele selwer.
- ■ mëscht eng Propositioun vun engem Schichteplang fir d'Kommissioun.

#### 5) FC Jeunesse Junglinster – Gardien de Stade

- Den FC Jeunesse huet eng Demande bei der Gemeng gemaach fir ee Gemengenaarbechter ze kréien deen sech ënnert anerem soll ëm follgendes këmmere: d'Alentoure propper halen, Linnen um Terrain zéien, Buvette preparéieren a Weekends matschaffen, Trikote wäschen, etc.
- Zu Hueschtert gëtt et eng Persoun déi sech ëm dës uewe genannte Punkten an Änlechens këmmert.
- Dëst géif bedeuten, dass d'Gemeng misst een neie Gemengenaarbechter komplett astellen
- D'Kommissioun huet sech, änlech wéi de Schäfferot, dofir ausgeschwat hei op ee sougenannten OTI vun der Adem zeréck ze gräifen. Hei handelt et sech ëm eng Persoun am Alter vu 50 Joer oder méi déi de Moment am Chômage ass
- Dës hätt en direkte Kontrakt bei Veräin, an dës géif zu 75 % vum Staat iwweholl ginn. D'Gemeng géif nach ee Subside ginn.
- Ganz vill Sportsclubb am Land, och Huerschter, schaffe mat dësem System.

## 6) Projeten – Updates

### a. Lënster Maart – Seefekëschten

- ■ huet Bissen an Déifferdeng kontaktéiert. Et war soss eng aner drëtt Gemeng dobäi. Si wäerten eis mat der Organisatioun hëllefen an ënnerstëtzen. Esou wäerte mir och kucken, dass déi dräi Course datumméisseg net ze no leien. Esou kënne mir och ëmmer bei déi aner kucke goen an et verbesseren.
- Bissen huet et Links gi fir sougenannte Sets fir Kitten ze kafen. De ■ vum Gutt Drop wier och mat dobäi., esou soll och de SEA mam Adventure mat agebonne ginn. Mir wäerten hei d'Kitten zu Verfügung stellen, dës kënnen och op der Gemeng ofgeholl ginn.
- De 16. Mee wäert déi éischt Versammlung heizou statt fannen. ■ esou wéi d'Jugendhaus vu Lënster wäert mat deelhuele. Bei deenen aneren zwou Gemenge sinn och ëmmer d'Jugendhaiser matagebonnen.
- Als Tracé ass de Start bei der aller Apdikt festgehale ginn, da geet et de Bierg erof laanscht d'Sportshal „Dellhal“ dann no lenks laanscht d'Josy Olinger Gebai, befier et beim Musekssall vum Centre culturel fäerdeg ass. Esou hu mir een Tracé kloer getrennt vun der Strooss a connectéiert zum Lënster Maart.
- Dat Ganzt wäert Samschdes um Lënster Maart, den 28. September stattfannen. Et wäerte genau Timeslots virgesi ginn, an eng Umeldung am Virus wäert stattfannen.
- Mir musse bei engem Bauer aus der Gemeng eis no Botten ëmfroen.

### b. Sportleréierung

- D'Sportleréierung wäert dëst Joer de 24. Oktober am Gaston Stein statt fannen an de Sall ass och scho bei der Gemeng reservéiert.
- Doduerch dass et d'lescht Joer relativ statesch war wäerte mir ee neit Konzept aféieren. Den éischten deel ass eng reng „Sportleréierung“, dëst ass fir d'Kanner geduecht a wäert vun 18 – 19 Auer statt fannen. Dëst wäert änlech oflafen an et wäert och ee klénge Patt duerno ginn. Esou wäerte mir och eng Persoun invitéieren déi op der Bün interviewt gëtt. Dëst kéint zum Beispill ee Kiné am Cabinet vum Jörg Theis sinn. Dësen Här ass en extreem gudde Sportler am Kampfsport, gesäit zu 10 %. Dëst wier ganz interessant fir déi Jonk. Esou kennen d'Veräiner och ee klénge Videoclip eraschécken.
- Duerno wier dann den zweeten Deel eng „Sportlergala“. Dësen Deel wier da mat engem Walking Dinner a Musek verbonnen.

### c. Jugendgemengerot

- De Jugendgemengerot wëlle mir mam Zentrum fir politesch Bildung op d'Bee stellen. ■ huet proposéiert, dass mir den ZpB an eng Kommissiounssëtzung ruffe fir ze kucke wéi dës Zesummenaarbecht kéint ausgesinn. D'Kommissioun wäert d'Koordinatioun heivun iwuerhuelen.
- ■ huet eis de Projet vun „YOUstice“ virgestallt. Dëse kéint een eventuell zesumme mam Lënster Lycée organiséieren. Dëst ass ee Projet vun engem Dag. Am éischten Deel ginn déi Jonk eng richteg Sëtzung op d'Gericht kucken. Am zweeten Deel maachen si verschidde Workshops, an där dës Sëtzung beschwat gëtt. Duerno am drëtten Deel hunn si Geleeënheet mat enger Riichterin oder Riichter an enger Affekotin oder Affekot ze diskutéieren, Froen ze stellen an sech auszetauschen. Am leschten Deel hunn déi Jonk dann d'Méiglechkeet ee richteg Gerichtsprozess nozespillen.
- Dës Infoe kënnen mir dem Lënster Lycée wieder ginn. D'Klasse mussen nämlech vun hirem Enseignant oder Enseignante ugemellt ginn.

### d. Maskottchen

- D'Iddi vun engem Maskottchen ass vum Schäfferot fir gutt geheescht ginn. Mir wäerten hei d'Schoukkommissioun matabannen.
- Et ass virgesi mat dësem Projet fir d'Rentrée ze starten.
- Net vill Gemengen hunn een eegent Maskottchen.

## 7) Oppen Diskussioun

- ■ hat an der leschter Versammlung drop opmierksam gemaach, dass et am Lënster Lycée Verännerung vun der Offer géife ginn. An enger Question parlementaire vum Max Hengel un den Educatiounsminister ass dëst elo rezent kloer ginn. <https://www.chd.lu/fr/question/26678>

## 8) Nächst Datumer

| Datum      | Auerzäit | Plaz       | Beschreibung                        |
|------------|----------|------------|-------------------------------------|
| 16.05.2024 | 09:00    | /          | Reunion iwwert d'Seefekëschterennen |
| 22.05.2024 | 19:30    | Allenster  | 5. Reunion                          |
| 08.06.2024 | 16:00    | Op Fréinen | Nuit du Sport                       |

## 9) Ënnerschrëften

|   |   |   |
|---|---|---|
|   |   |   |
| ■ | ■ | ■ |
|   |   |   |
| ■ | ■ | ■ |
|   |   |   |
| ■ | ■ | ■ |
|   |   |   |
| ■ | ■ |   |